

VOTIVMASS VUN DER TREISCHTERIN AM LEED

Evangelium (Joh 19,25-27)

- G. *Den Här sief mat iech all.*
A. *An och mat lech.*
G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Johannes.*
A. *Dir all Éier, Här.*

- ²⁵ Beim Jesus sengem Kräiz stoungen seng Mamm
an senger Mamm hir Schwëster, d'Maria, dem Klopas seng Fra,
an d'Maria vu Magdala.
- ²⁶ Wéi de Jesus seng Mamm gesinn huet
a bei hir de Jünger, mat deem hie frou war,
sot hien zu senger Mamm:
"Fra, kuck, däi Jong!"
- ²⁷ Du sot hien zum Jünger:
"Kuck, deng Mamm!"
A vun där Stonn un huet de Jünger si bei sech geholl.

- G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
A. *Dech, Christus, luewe mir.*